PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Aktuell kann een zu Lëtzebuerg ofgelafe Medikamenter an de Recyclingszentere souwéi op d'Sammelstelle vun der Superdreckskëscht ofginn. Och a verschiddenen Apdikte besteet d'Méiglechkeet, dass d'Clienten hir Medikamenter zeréckdroe kënnen. Allerdéngs ass dat net an allen Apdikten de Fall.

D'EU-Kommissioun huet an engem Communiqué un d'EU-Parlament an un den EU-Rot vum 11ten Mäerz 2019 d'Reduktioun vu Medikamentenoffäll als eng Prioritéit consideréiert. Notamment sollen déi bestéiend Sammelstrukturen analyséiert a verbessert ginn an och d'Ëffentlechkeet besser doriwwer informéiert ginn, wéi a wou si Medikamenter konform entsuerge kënnen. D'Regierung huet an de leschte Joren eng Réi Sensibiliséierungscampagnen zu dësem Thema lancéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung eppes ënnerhuelen, fir dass all d'Apdikten hei am Land dozou verflicht ginn, Medikamenter ze sammelen, fir esou eng propper Entsuergung ze erméiglechen?
    - Falls jo, wéi eng Mesurë gesäit d'Regierung vir, fir d'Apdikten heibäi ze ënnerstëtzen?
    - Falls nee, firwat gesäit d'Regierung dat als net néideg un?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député